LSAP

N°1235
Entrée le 25.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.09.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. September 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Déi 84. Skoda Tour de Luxembourg d'läscht Woch war e grousse sportlechen Erfolleg. D'Vëlos-Profien an hier Equippe ware méi wéi zefridden, de Public begeeschtert an och d'Organisatioune gouf vun alle Säite gelueft. Doriwwer eraus huet dëse Sports-Event dem Land eng Tribün no bausse verschaaft déi net ze ënnerschätzen ass.

D'Organisateuren hunn e ganz positive Bilan no der Course gezunn, mee och bemierkt, dass et un der adäquater Unerkennung a Wäertschätzung feelt, dass si fir d'Zukunft op méi eng grouss finanziell Ënnerstëtzung ugewise wieren a méi Feedback aus de Ministère bréichten.

Dozou wollt ech de Sportminister froen, ob a wéi d'Regierung an am Besonneschen de Sportministère an Zukunft wëll de Skoda Tour de Luxembourg méi staark ënnerstëtzen, fir dës grouss Sportsmanifestatioun weider Zoulaf kritt a Lëtzebuerg doduerch nach méi staark no bausse promouvéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu